PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/11/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Zënter Woche kämpft eist Land mat erhéichtenen Infektiounszuelen, wouduerch vill Leit sech fir de Moment a Quarantän befannen. Eleng an der Woch vum 28.10 op de 4.11 waren et méi wéi 8'000 Persounen. Duerch d'Covid-19-Erkrankungen an Quarantän-Moossname feelt och am ëffentlechen Transport aktuell Personal.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Sinn am Mount Oktober méi Zich ausgefall, ewéi an normalen Zäiten?
2. Sinn am Mount Oktober, méi Bussen ausgefall, ewéi an normalen Zäiten?
3. Sinn am Mount Oktober, méi Trammen ausgefall, ewéi an normalen Zäiten?
4. Wéi vill Verspéidungen an Ausfäll sinn op feelend Personal zréck ze féieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député